N°2752
Entrée le 10.09.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°2752 du 7 août 2025 de Monsieur le député Marc Goergen au sujet d'influence chinoise sur des secteurs économiques luxembourgeois**

*„1. Wäert de Lëtzebuerger Staat de chineeseschen Investoren d'Firma Circuit Foil iwwerloossen oder ass geplangt, fir Undeeler un dëser strategesch interessanter Firma am Beräich KI z'iwwerhuelen?"*

Circuit Foil ass eng privat Firma déi haut dem südkoreaneschen Investitiounsfong Skylake Equity Partners gehéiert. Dëse Fong huet e Prozess engagéiert fir Circuit Foil ze verkafen.

Ier eng definitiv Transaktioun fir d'Firma Circuit Foil zustane komme kann, hunn d'Acteuren d'Verantwortung follgend national an europäesch Gesetzgebungen anzehalen: (i) de Screeningmechanismus fir auslännesch Direktinvestitiounen an (ii) d'europäesch Reguléierung iwwer auslännesch Subventiounen, déi den interne Maart verzerre kënnen. Et applizéieren sech och nach d'europäesch Reguléierung iwwer Hallefleeder, an eventuell eng Exportkontroll vun de Produkter.

An dëser Phas vum Prozess, besteet d'Roll vum Staat doranner, déi genannte Gesetzgebungen ze applizéieren.

*„2. Wéi wäert d'Regierung an Zukunft verhënneren, dass lëtzebuergesch Firmen opgrond vun den Energiepräisser a finanziell Problemer kommen?"*

Duerch eng gutt Integratioun an den europäesche Bannemarché an eng favorabel Besteierung, sinn d'Stroumpräisser zu Lëtzebuerg kompetitiv. Ab 2026 profitéiere mat der Netzkäschtenhëllef an Héicht vun 150 Milliounen Euro, souwuel d'Haushalter wéi d' Betriber, vun engem méi gënschtege Stroumpräis. Déi verschidde Bäihëllefe fir Betriber vum Wirtschaftsministère fir Investissementer an d'Décarbonatioun an an erneierbar Energien ënnerstëtzen doriwwer eraus d'Entreprisë, fir méi onofhängeg vun den Energiepräisentwécklungen ze ginn.

Insgesamt si raisonnabel Energiepräisser vun zentraler Bedeitung fir d'Kompetitivitéit an d'Stabilitéit vun der Lëtzebuerger Wirtschaft, se stellen eng Viraussetzung fir eng gerecht a nohalteg Energietransitioun duer. Et sief drop higewisen datt all Betrib selwer fir säin Energieakaf zoustänneg ass.

*„3. D'Regierung hat virun der Summervakanz ugekënnegt, dass de Staat 150 Milliounen d'Joer wäert finanzéieren, fir d'Netzkäschten z'iwwerhuelen. Wéi wäert sech dat op bis d'nächst Joer op d'Rechnunge vun de Betriber auswierken? Aneschters gefrot: wäerten d'Stroumpräisser doduerch spierbar erof goen? Falls jo, kann d'Regierung do Beispiller ginn?"*

De genauen Impakt vun der Netzkäschtenhëllef fir d'Joer 2026 kann eréischt am Hierscht präzis bewäert ginn, nodeems déi reglementaresch Prozedur fir d'Festleeë vun den Tariffer

ofgeschloss ass. Den aktuell disponibelen Donnéeën no, ass dervun auszegoen, datt de Stroumpräis am Joer 2026 fir all Konsumente wäert erofgoen.

Well d'Tariffer fir d'Netznotzung – jee no Situatioun – tëschent 15 % a 50 % vum integréierte Stroumpräis ausmaachen, huet hir Reduktioun e substanziellen Afloss op de finale Käschtepunkt vum Stroum.

Luxembourg, le 10/09/2025

Le Ministre de l'Économie, des
PME, de l'Énergie et du Tourisme

(s.) Lex Delles